



## **De Grupp**

### 1. Definitioun an Zesummesetzung

De Grupp ass d'Käreenheet vum Verband. Hie ka Jongen a Meedercher oder nëmme Jongen oder nëmme Meedercher aus enger Uertschaft, enger Par, engem Quartier oder enger Géigend zesummeffaassen. An enger Uertschaft, Par, Quartier oder Géigend kënne méi Gruppe sinn.

De Grupp féiert a sengem Titel d'Bezeechnung Lëtzebuurger **Guiden a Scouten** a wielt sech en Numm, dee vum Verbandscomité guttgeheescht gëtt.  
(c.f. art. 3.1. vun de Statuten)

E Grupp begräift eng oder méi Branchenunitéite vun deene verschiddeenen Altersstufen. An deenen eenzelne Branchenunitéite kënne Meedercher a Jongen oder nëmme Meedercher oder nëmme Jonge sinn.  
(c.f. art. 3.2. vun de Statuten)

### 2. Entstoe vun engem Grupp

#### 2.1. Definitioun:

Wann an enger Uertschaft, enger Par, engem Quartier oder enger Géigend de Wunsch besteet, fir Guidissem / Scoutissem ze maachen no de Grondsätz vun de Lëtzebuurger **Guiden a Scouten**, gëtt mat dem Verbandscomité Kontakt opgeholl. Zesumme mamzoustännege Commissaire gëtt gekuckt, wéi den neie Grupp ulafen kann.

#### 2.2. Viraussetzungen:

- § Et besteet e Kader vu Responsabelen, déi de virgeschriwwenen Alter hunn a bereet sinn, déi néideg Formatioun, Stagen a Recyclagen ze maachen, sou wéi et hirer Funktioun am neie Grupp entsprécht. Si sinn och bereet, sech fir eng gewëssen Zäit vun erfuerenen a qualifizéierte Chef/tainen aus engem anere Grupp beroden a begleeden ze loossen. Et ass erwënscht, datt de Kader weiblech a männlech Responsabel ëmfaasst.
- § Wann nëmme mat enger Branche ugefaange gëtt, muss d'Bestriewe bestoen, no an no e komplette Grupp opzebauen.
- § Et besteet Kontakt mat de Verantwortlechen aus der Par an et gëtt no engem Geeschtlechen an / oder Laie gesicht, déi bereet sinn, d'Charge vun Aumônier resp. Animateur spirituell ze iwwerhuelen.
- § Déi néideg Infrastruktur fir d'gutt Fonctionnéiere vum Grupp ass geséichert.
- § Wann an der direkter Noperschaft schonns een oder méi Gruppe bestinn, gi si vum zoustännege Commissaire kontaktéiert. Zesumme mat dem Grupperot vun dëser Gruppe ginn d'Auswierkungen ënnersicht, déi d'Schafe vun engem neie Grupp mat sech brénge kënnen.

#### 2.3. Prozedur:

- § De Verbandscomité décidéiert, ob de Grupp mat den Aktivitéiten ufänke kann. Hien deelt dem Grupp schrëftlech seng Décisioun mat.
- § Eréischt no dem Accord gëtt Kontakt opgeholl mat Kanner a Jugendlechen, jee no de lokale Méiglechkeeten an den disponibele Chef-Equipen.
- § Et gi Memberlëschten opgestallt an un d'Sekretariat vum Verband geschéckt. Vun deem Moment un ass de Grupp an de Verband vun de Lëtzebuurger **Guiden a**



**Scouten** opgeholl, an d'Membere sinn vun der Verbandsassurance gedeckt. D'Cotisatioun bezuelen d'Membere vum nächste Kalennerjoer un.

§ Den neie Grupp mellt sech an engem Bréif als neie Jugendveräin bei de Gemengeverantwortlechen un. Hie leet eng Copie vum Verbandscomité sengem Accord a vun de Verbandsstatuten an och eng Lëscht vun de Responsabele vum Grupp bäi.

§ Den zoustännege Commissaire suergt dofir, datt de Grupp an enger éischer Zäit begleet a berode gët.

### 3. Opléise vun engem Grupp

#### 3.1. Definitioun:

E Grupp kann aus eegener Motivatioun oder duerch Decisioun vum Verbandscomité opgeléist ginn. A béide Fäll ass d'Prozedur déi selwecht.

E Grupp dee net méi am Verband bleiwe wëllt, deelt dem Commissaire Général dat schrëftlech mat.

#### 3.2. Méiglech Grënn:

§ Et si net genuch Chef/tainen mat enger valabeler Ernennung do fir d'Fonctionéieren vum Grupp weiderhin ze garantéieren.

§ De Grupperot ass net méi gewillt d'Leedung vum Grupp ze iwwerhuelen.

§ Et lafe während engem Joer keng Branchenaktivitéiten oder Grupperéit méi.

§ Et si net méi genuch Kanner / Jugendlecher am Grupp.

§ D'Responsabel vum Grupp hunn géint d'Statuten an / oder d'Reglementer vum Verband verstouss.

§ D'Cotisatiounen ginn trotz Rappel net bezuelt.

#### 3.3. Initiative:

D'Initiative ka vum Verbandscomité, vum betreffende Grupperot, vun den Elteren, vun den Verantwortlechen aus der Par oder vu soss engem Beträffenen ausgoen.

#### 3.4. Prozedur:

##### 3.4.1 Analyse an Décisioun

§ De Verbandscomité schéckt eng Delegatioun op eng Entrevue mat de Responsabelen déi als lëscht aktive sinn oder ware fir sech e Bild vun der Situatioun vum Grupp ze maachen.

§ D'Schwierigkeete ginn analyséiert an et gëtt gekuckt ob een Weiderféieren méiglech ass.

§ An deem Fall, bitt de Verband seng Hëllef un. Dës Hëllef ass déi nämlecht wéi beim Entstoe vun engem Grupp (Reg. 3 Pkt. 2)

§ Ass d'Delegatioun der Meenung, dass d'Weiderféierung nët méiglech ass, deelt de Verbandscomité seng Décisioun fir de Grupp ze suspendéiere resp. ze liquidéieren schrëftlech mat.

##### 3.4.2 Suspendéieren

§ D'Memberen an d'Eltere vun de mannerjäree Membere gi vum Verband schrëftlech (souwäit nach eng aktuell Memberslëscht besteet) iwwert d' Suspendéieren vum Grupp informéiert.

§ D'Suspendéieren ass zäitlech begrenzt. Et sinn an där Zäit keng Aktivitéiten. Aktivitéiten, déi awer nach während där Zäit lafen, geschéien net ënnert dem



Numm vun de Lëtzebuurger Guiden a Scouten a sinn och net vun der Verbandsassurance gedeckt. Et gi während där Zäit keng Cotisatiounen duerch de Verband agezunn. D'Uniform duerf net gedroe ginn. D'Verméige vum Grupp gëtt duerch de Verbandscomité verwalt, bis de Grupp nees funktionéiert.

- § Während dëser Zäit suivéiert den zoustännege Commissaire de Grupp
- § Sollen d'Aktivitéite vum suspendéierte Grupp nees opgeholl ginn, mussen d'Responsabel sech mat dem Verbandscomité a Verbindung setzen. De Verbandscomité ënnersicht, ob d'Ursaachen, déi zum Suspendéiere vum Grupp gefouert haten, behuwe sinn, an ob d'Viraussetzung fir e gutt Funktionéiere vum Grupp nees bestinn.
- § DeVerbandscomité deelt dem Grupp seng Décisioun schrëftlech mat.

#### 3.4.3 Liquidatioun

- § D'Memberen an d'Eltere vun de mannerjärege Membere gi vum Verband schrëftlech (souwäit nach eng aktuell Memberslëscht besteet) iwwert d'Opléisung vum Grupp informéiert. An dësem Bréif gi Méiglechkeete proposéiert fir d'Memberen an anere Gruppen ënnerzebréngen.
- § Maximal ee Mount duerno gëtt e Bréif un d'Gemengenautoritéiten, un d'Verantwortlech vun der Par an d'Entente oder de Syndikat geschéckt fir si iwwert d'Opléise vum Grupp ze informéieren.
- § Aktivitéiten, déi eventuel nom Opléise vum Grupp nach lafe, geschéien net méi ënnert dem Numm vun de Lëtzebuurger Guiden a Scouten a sinn och net méi duerch d'Verbandsassurance vun den Lëtzebuurger Guiden a Scouten gedeckt. D'Uniform duerf net méi gedroe ginn.
- § D'Verméige vum Grupp gëtt, nodeems een Décompte vun der Kees gemaach ginn ass, während 10 Joer vum Verbandscomité verwalt. Gëtt de Grupp bis dohin net méi nei lancéiert, fält dat Verméigen definitiv an e Spezialfong mam Zweck, Gruppen déi nei entstinn ze ënnerstëtzen (c.f. Art. 3.7. vun de Statuten).
- § D'Gruppematerial gëtt, nodeems e schrëftlechen Inventaire gemaach ginn ass, vum Verbandscomité sënnvoll agesat.

#### 4. Neufank vun engem Grupp

Huet e Grupp, deen opgeleist gouf nees de Wonsch, Guidissem / Scoutissem no de Grondsätz vun de Lëtzebuurger **Guiden a Scouten** ze maachen, gëllt en als neie Grupp, an et ziele fir hien déi selwecht Viraussetzungen a Prozeduren, wéi fir all neie Grupp, deen entsteht.

#### 5. Fusioun vu Gruppen

Wënschen 2 Gruppen oder méi Gruppen aus enger oder méi Gemengen ze fusionéieren, maachen se eng schrëftlech Demande un de Verbandscomité.